N°2049
Luxembourg, le 07.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 10.03.2025
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 7. Mäerz 2025

Här Präsident,

Sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an un den Här Inneminister weiderzeleeden.

D'Dronen, respektiv am Fachbegrëff d'UAS (Unmanned Aircraft System), spillen duerch den technologesche Fortschrëtt eng ëmmer méi grouss Roll. Ob fir den Hobbyberäich oder am Beruff, Drone kënnen ëmmer méi villsäiteg genotzt ginn. Dat bréngt ganz vill Chance mat sech, awer och Risiken, wann et zum Beispill ëm de Schutz vun der Privatsphär oder vu sensibeler Infrastruktur geet.

An deem Zesummenhang wëlle mir follgend Froe stellen:

- Wéi vill Persounen (physesch, moralesch an ëffentlech) sinn aktuell als UAS-Bedreiwer enregistréiert?
- Wéi eng Entwécklung vun dësen Aschreiwunge konnt een an de leschten 2 Joer gesinn?
- Wéi vill Plainte goufe gemellt, wou Dronen do geflu sinn, wou se net sollten?
- Goufen Dronen an der Géigend vu sensibeler Infrastruktur gesinn?
- Huet d'Police d'Erlabnis, déi néideg Formatioun an dat néidegt Geschier, fir en UAS aus dem Verkéier ze huelen?
- Si weider Entwécklungen um Beispill vum Projet Griffin geplangt, fir Dronen als Transportmëttel benotzen ze kënnen?

Mat déiwem Respekt,

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

Yves Cruchten
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu